

WANTER GEWËNNSPILL VUM TOURISTINFO WËLLE WESTEN

Och dës Chrëschttag organiséiert den TouristInfo Wëlle Westen nees Gewinnspiller fir Erwuessener a Kanner! Maacht mat a gewannt flott regional Präisser fir déi ganz Famill!

Wat muss Dir dofir machen? Fëllt eist Kreuzworträtsel aus a schéckt eng Foto dovunner mam richtege Léisungswuert bis de 17. Dezember op info@visitwellewesten.lu

Ze gewanne gëtt et eng Corbeille vun „Op der Schock“ mat regionale Produkte. De Gewënner gëtt ënnert de richtigen Äntwerten ausgeloust!

Och fir Kanner & Familljen hu mir eppes geplangt! Während der Chrëschtvakanz kënnen Familljen a Kanner no Chrëschttags-Bulle bei der TouristInfo zu Useldeng op d'Sich goen an ee Rätsel léisen. Am ganze sinn 10 Chrëschttags-Bulle verstoppt! Kontaktéiert eis, fir méi Informatiounen zu dëser Challenge ze kréien an lech unzemellen!


Och hei gi flott Präisser tëschent de Kanner mat de richtigen Äntwerten ausgeloust, ënner anerem Entréeë fir d'Réidener Schwämm, ee Schuppi-Rucksak fir auszemolen vum Schiefermusée Uewermaartel a lecker Schneekegkeeten vum Groupe Tricentenaire.



TOURISTINFO WËLLE WESTEN

1, am Millenhaff
L-8706 Useldange
T +352 28 33 45
info@visitwellewesten.lu
www.visitwellewesten.lu

@visitwellewesten



- ▼ 1. A wéi engem Mount fënnt 2024 ee bekannt Mëttelalterfest bei eis am Wëlle Westen statt?
- ▼ 2. Wien ass d'Patrinesch vun der spéitgotischer Kapell, déi 1505 gebaut ginn ass an déi eelst Kapell am Land ass, déi dëser Helleger gewidmet ass? Tipp: Se steet an der klengster Gemeng vu Lëtzebuerg? St. ... :
- ▼ 3. Wat weisen d'Skulpturfragmenter niewent 2 weidere Käpp, déi um romanesche Klackentuerm vun der Viichter Kierch agemauert sinn? Tipp: D'Äntwert fënnt een op engem Panneau hannert der Kierch, un deem och eng Spektiv ubruecht ass.
- ▼ 4. Et gëtt aktuell een Gutland.Trail am Wëlle Westen. Wou befënnt sech dësen?
- ▼ 5. Wéi vill Awunner huet dat klengsten Duerf vu Lëtzebuerg, dat sech bei eis am Wëlle Westen befënnt?
- ▶ 6. Vun wéi engem Mann ass d'Privatsammlung, déi als Basis vum Bomb Group Memorial Museum zu Pärrel steet? Roger _____
- ▶ 7. Zu Rued gëtt et ee flotte Pad. Wéi heescht dësen?
- ▶ 8. Am September huet déi 10. Editioun vun dësem Fest stattfonnt.
- ▶ 9. Wéi eng Konschtstatu steet bei der Biekerecher Millen? De grouse _____
- ▼ 10. Wien huet d'Turelbaacher Schlass gebaut? Pol _____
- ▶ 11. Wéi huet eis Summer-Challenge 2023 geheescht? Op der _____ nom Kropemann.